

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Recherche weiderzeleeden.

Enn Abrëll gouf ugekënnegt, datt d'ganz Lëtzebuenger Populatioun an d'Frontalieren op de Corona-Virus solle getest ginn. 20.000 Tester den Dag kéinte gemaach ginn, huet et geheescht. D'Logistik ass awer nach net prett an déi staatlech Servicer ginn nach net fir déi flächendeckend Tester opgestallt.

Am Kontext vun dësem Projet, dee bis haut nach net fäerdeg organiséiert ass, stéisst een op Facebook alt op international Annoncen, wou Personal fir befristete Vollzäit-Aarbechtsplazen an de COVID-19-Testzentren zu Lëtzebuerg gesicht gëtt. Dës Annoncé gi publizéiert vun enger däitscher Interimsentreprise. Op hirem däitsche Facebook-Site fënnt ee sechs Annoncen, wou Personal fir ënnerschiddlech Aktivitéiten an der Sécherheet (Uerdnungspersonal), der Gesondheets- a Krankefleeg, der Dateveraarbechtung, der Labortechnik a medezinescht Personal geziilt fir Lëtzebuerg gesicht gëtt.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister fir d'Recherche gär folgend Froe stellen:

1. Wéi ass déi Personalverméttlungsagence ausgesicht ginn? An ass dës exklusiv beoptraagt ginn, fir dat néidegt Personal fir Lëtzebuerg ze fannen?
2. Gëtt et zu Lëtzebuerg keng vergläichbar Agence, déi dësen Optrag hätt kéinten ausféieren?
3. Ass dat geschitt, wéi all Méiglechkeeten, zu Lëtzebuerg Personal ze fannen, z.B. iwwert d'Adem, ausgeschäfft waren?
4. Wat ass de Statut vun deene Leit? Schaffe si no Lëtzebuenger Recht mat enger Lëtzebuenger Pai, a sinn si an engem CDD oder als Interimär ugestallt?
5. Stëmmt et, datt dës Jobofferen ausschléisslech am Ausland publizéiert gi sinn oder huet de Ministär Efforte gemaach, fir an éischer Linn Personal zu Lëtzebuerg ze fannen?

6. War déi däitsch Entreprise op d'mannst ugehalen, och zu Lëtzebuerg ze sichen?
7. Huet eng Lëtzebuerger Entitéit, déi Personal iwwert eng international Interimsagence sicht, weider d'Obligatioun, d'Adem iwwert hire Besoin u Personal ze informéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten